Lëtzebuerg, de 25. Februar 2025

***Léif Frënn vum Naturmusée***
***Chers Amis du Musée national d'histoire naturelle***

Dir sidd ganz häerzlech invitéiert op eng ***Extra-Féierung vun der Ausstellung***

***Gewässer und Klima Luxemburgs im Wandel der Zeit***
***175 ans de mesures hydro-climatologiques***

realiséiert an Zesummenarbecht mam LIST (Luxembourg Institute of Science and Technology) an dem Institut Grand-Ducal, section des sciences.

***Donneschdes, de 6. Mäerz um 18.00 Auer am natur musée am Gronn.***

Iwwerschwemmungen a grouss Dréchente sinn hautjesdaags déi Naturkatastrophen déi eis Gesellschaft am meeschten erausfuerderen. Dobäi kënnt een an der Vergaangenheet nosiche fir erauszefannen, dass sou Katastrophen eigentlech vill méi oft virkomme wéi statistesch domat gerechent gëtt.

Déi kleng Ausstellung beliicht des Problematik unhand vun historeschen Instrumenter, Dokumenter a Wieder-a Klimaopzeechnungen aus de leschten 175 Joer. Si weist wéi d'Technik sech entwéckelt huet vun den éischte manuelle Geräter bis zu den automatesche Moossungen. A si weist och, dass déi historesch Quellen an Opzeechnunge wichteg si fir d'Verständnis vun den aktuelle Klimaphänomener.

D'Féierung mécht de Physiker Änder Mousset, Member vum Comité vun de Frënn vum Naturmusée. Déi kuerz Ausstellung ass just nach op bis de 16. Mäerz.

Uschléissend un d'Féierung sidd der invitéiert op e Patt an der Cafeteria.

***Umeldung fir d'Féierung per Mail op info@amnhn.lu bis spéitstens Dënschdes, de 4. Mäerz.***

Mat beschte Gréiss vum ganze Comité a bis geschwënn!

Geneviève Faber, Sekretärin

**Les Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg**
**tel.(+352)462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 - www.amnhn.lu**